N°2155
Entrée le 27.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Ukënnegung vum US-President Donald Trump fir zousätzlech Douanentariffer vun 25% op Autoen an Automobildeeler anzeféieren huet Bedenken iwwert hir wirtschaftlech Auswierkungen op d'europäesch Wirtschaft, dorënner och Lëtzebuerg, ausgeléist. Laut dem Wirtschaftsexperte Ruben Dewitte vun der ING kéint den direkten a méi indirekten Impakt op d'Lëtzebuerger Wirtschaft trotz enger limitéierter direkter Expositioun vu just 0,13% vum PIB, bis zu 0,98% vum PIB erreechen, well eist Land eng wichteg Roll a regionalen Handelsflëss spillt.

Lëtzebuerg exportéiert Wueren am Wäert vun 515 Milliounen Euro an d'USA, wat 15,8% vun eisen extrakommunitären Exporter entsprécht. Och wann eist Land haaptsächlech eng Servicewirtschaft ass, kéinten d'Douanentariffer indirekt Lëtzebuerg treffen andeems se negativ op europäesch Wäertschöpfungsketten wierken, an deenen och lëtzebuergesch Servicer a Produkter agebonnen sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Lëtzebuerger Betriber a Salariéen sinn direkt betraff vun den neien US-Douanentariffer, besonnesch am Automobilsektor a senge Zouliwwerer?
2. Kann d'Regierung d'Schätzungen, déi am Artikel vum Paperjam publizéiert goufen, confirméieren, datt d'Auswierkungen op de lëtzebuerger PIB bei ongeféier 0,98% leien?
3. Wat sinn d'Schätzungen vun der Regierung iwwert potentiell Akommes- a Steierverloschter fir de Staat?
4. Wéi eng Moossnamen plangt d'Regierung fir betraffe Lëtzebuerger Betriber ze ënnerstëtzen a potenziell Aarbechtsplazverloschter ze vermeiden?
5. Wéi eng Strategie huet d'Regierung am Kader vun der EU-Handelspolitik, fir d'Lëtzebuerger Wirtschaftsinteressen ze verdeedegen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten